

6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Ben Polidori

Dann huet den Här Ben Polidori d'Wuert gefrot fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Polidori.

Exposé

M. Ben Polidori (LSAP), auteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och an de Grondschoulen ass den Asaz vun digitalen Outils scho laang en Deel vun eisem Alldag. Déi deemoleg Deputéiert an haiteg Ministesch Martine Hansen hat 2021 eng Proposition de loi mat der selwechter Zilsetzung deposéiert wéi elo déi heiten. An d'CSV hat deemools och ganz richtig gesot, dass d'Chancéglichheet bei engem Kand, egal wou et wunnt an och egal wou et hei am Land an d'Schoul geet, déi selwecht muss sinn.

Bon, déi meescht Schoulen, déi hunn haut WLAN, Computeren oder och Laptops, wou d'Kanner kënnen drop schaffen. A verschidde Gemengen hunn och souguer Tablets oder och digital Tafelen. An hei geet de Problem an deem heite Fall och schonn un: D'Ausstattung an d'Maintenance vun de Grondschoule mat den technologeschen Apparater, déi falen ënner d'Gemengekompetenz. An do gëtt et eeben Ënnerscheeder tëscht de Gemengen, engersäits well d'Gemengen net déi selwecht finanziell Méiglechkeeten hunn, an op der anerer Säit hunn d'Gemengen och vläicht net déi selwecht Kompetenzen doruwwer, wéi een d'Digitaliséierung sécher an de Schoulalldag integréiere kann, an dat féiert zu Onglichheeten an eeben och zu Ongerechtegkeeten.

D'LSAP ass iwwerzeugt dovun, dass all Kand am Land soll vun deene selwechte Qualitéits- an och Sécherheitsstandarde profitéiere kënnen am Kontakt mat den digitalen Apparater an de Schoulen. Dofir wëll ech haut dës Proposition de loi deposéieren, an där ech proposéieren, dass de Staat – konkret de CGIE, de Centre de gestion informatique de l'éducation – an Zukunft soll fir dëst Material an de Grondschoulen zoustänneg sinn an et och finanzéieren, wann eng Gemeng dëst ufreet.

An deem leschte Punkt besteet dann och dee groussen Ënnerschied zu der Propos vun 2021. Während deemools en obligatoresche System do proposéiert gouf, schloe mir haut e fakultativ System vir. D'Gemengen, déi sech selwer nach weider ëm den digitale Volet an hire Gemenge bekëmmere wëllen, déi sollen dat och kënnen weiderhi maachen. Si wäerte sech da just u gewësse Mindeststandarde mussen halen, déi vum CGIE festgehale ginn. An d'Gemengen, déi et aus finanzielle Grënn oder opgrond vun eventuell feelendem Knowhow net wëllen, déi sollen d'Méiglechkeet kréien, hir Verantwortung am Beräich vun der Digitaliséierung an de Grondschoulen un de CGIE ofzetrieden.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschtenen.

8533 – Proposition de loi portant modification

1^o de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet

a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques ;

b) la création d'un Centre de Gestion Informatique de l'Éducation ;

c) l'institution d'un Conseil scientifique ;

2^o de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Polidori.

7. Dépôt d'une résolution par Mme Djuna Bernard

Dann huet d'Madamm Djuna Bernard d'Wuert gefrot fir den Depot vun enger Resolutioun. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

Mme Djuna Bernard (déi gréng), auteure | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn eng Kontrollfunktioon heibannen. An ech mengen, mir sinn eis eens, dass, wann et ëm de Mudam geet, awer eng national Kulturinstitution vun äusserst grousser Wichtigkeet, wou an deene leschte Méint ëmmer erëm vu Mësstänn rieds war, wou Harcèlement, Dysfonctionnement an der Kommunikatioun, am Management a Favoritismus am Raum stoungen, dann ass dat net näischt, wat hei an eiser Kulturzeen grad leeft a wat grad thematiséiert gëtt.

An deem Kontext hu mer d'lescht Woch eng Kommissioun dozou gehat an do huet de Minister eis d'Informatioun ginn, dass hien dëse Brëif, deen den Här Majerus him geschéckt hätt, net dierft deelen. Zéng Deeg duerno, den 30. Januar, nodeems den Här Majerus demissionéiert huet, huet den Här Majerus an engem Mail, dee mir hei virläit, ...

(Mme Djuna Bernard montre une documentation.)

... explizit den héije Beamten am Kulturministère matgedeelt, dass dëse Brëif dierf gedeelt ginn an dat an engem Souci de transparence. An ech mengen, dass dee vis-à-vis vun der Chamber duerchaus applikabel ass.

Dëse Mail haten héich Beamten am Kulturministère. An déi Beamte souzen och zu engem groussen Deel an där selwechter Chamberskommissioun. Dat heescht, souguer wann de Minister keng Kenntnis sollt gehat hu vun dësem Brëif, da wier do de Moment gewiescht, wou dës Beamten, déi Kenntnis hate vun dësem Mail – wéi gesot, e läit hei –, dann hätte missen de Minister korrigéieren an dat richtegstellen.

Hei hu mer et ze di mat enger Affär, déi sou lues eng grouss politesch Dimensioun kritt a wou een entweder muss dovunner ausgoen, dass de Kulturminister e kalbliddege Ligener ass ...

(Exclamations)

... oder en absolut säi Ministère net ënner Kontroll huet an hei trotzdem grav Dysfonctionnement virleien, well et geet ëm de Mudam an et geet ëm eng Affär, déi iwwer Méint scho schleift. A wann en net Kenntnis huet vun esou wichtegen Informatiounen, da lieen aner Problemer vir.

An ech fannen et ganz wichteg, datt mer hei als Chamber dat net mat eis maache loosse, dass mer eis net op der Nues ronderëmdanze loosse an dass mer afuerderen, dass vis-à-vis vun der Chamber Transparenz herrscht, dass d'Dokumente, déi mer ufroen, mat eis gedeelt ginn, ënnert deene Krittären, déi se nun emol hunn, fir och privat Donnéeën ze anonymiséieren. Dorëmmer geet et net, mee dass mer net als Chamber virgefouert ginn an dass mer eis Kontrollfunktioon hei kënnen ausüben.

Ech mengen, dat ass eis Verantwortung heibannen, dat anzefuerderen. An deem Sënn wëll ech gären eng entsprecheend Resolutioun deposéieren, déi dat nach eng Kéier ganz kloer ënnersträicht. Hei hu mer et awer elo mat engem Prezedenzfall an dëser Legislaturperiod ze dinn. An dat, fannen ech, kënnen mer net esou geschéie loosse. An do hätt ech gären, dass mer deementsprechend dëst nach eng Kéier als Chamber ënnersträchen.

Ech soen Iech Merci.

Résolution

« relative au rôle fondamental de contrôle exercé par la Chambre des Députés sur l'action du Gouvernement »

La Chambre des Députés, considérant

– la démission du président du conseil d'administration du Mudam en janvier 2025 ;

– que suite à une série d'informations relayées dans la presse, faisant état de tensions internes persistantes ainsi que des interrogations en matière de gestion et de gouvernance au sein du Mudam, le point « Situation de la gouvernance au sein du Mudam » figurait à l'ordre du jour de la réunion de la Commission de la Culture du mercredi 23 avril 2025 ;

– que lors de cette réunion, le Ministre de la Culture a refusé de donner accès aux Députés, à la lettre de démission de l'ancien président du conseil d'administration du Mudam, déclarant que celui-ci aurait demandé que la lettre ne soit pas diffusée ;

– que cette déclaration a depuis été démentie par l'ancien président du conseil d'administration, alors qu'il a expressément autorisé le ministre à diffuser la lettre en question ;

– que ceci remet en question la véracité des propos tenus par le Ministre devant la Commission,

rappelant

– que selon la Constitution du Grand-Duché de Luxembourg la Chambre des Députés « représente le pays », « exerce le pouvoir législatif », « contrôle l'action du Gouvernement » (art. 62) et qu'elle peut « requérir de la part du Gouvernement tous informations et documents » (art. 75, 3^e) ;

– que ce droit de requête est précisé dans le chapitre 1bis du Règlement de la Chambre des Députés,

soulignant

– que le contrôle de l'action gouvernementale par la Chambre est un fondement indispensable de l'équilibre démocratique et de la transparence envers les citoyens, et

décide

– de charger le Président de la Chambre des Députés de rappeler au Ministre de la Culture :

- le rôle fondamental de contrôle exercé par la Chambre des Députés sur l'action du Gouvernement,
- le droit des Députés de requérir toutes les informations et documents nécessaires à l'accomplissement de leur mandat,
- qu'il est inadmissible qu'un membre du Gouvernement formule des déclarations inexactes devant la Chambre, car cela entrave la capacité des Députés à exercer leur mission de contrôle et compromet la confiance dans les institutions démocratiques,
- de rappeler que la transparence et la sincérité dans la communication avec la Chambre sont des piliers essentiels d'une démocratie fonctionnelle.

(s.) Djuna Bernard, Sam Tanson.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard.

8. 8382 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 30 juillet 1960 concernant la création d'un Fonds national de solidarité

Da géinge mer zu dem nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtte kommen, an zwar dem

Projet de loi 8382, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Schafe vum FNS. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Rapportrice huet 10 Minuten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitäten hu 5 Minuten, d'Regierung huet 10 Minuten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Nathalie Morgenthaler, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Dan Hardy, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Mandy Minella. Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble, de l'Accueil, de l'Égalité des genres et de la Diversité

Mme Mandy Minella (DP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 8382 reforméiert de Fonds national de solidarité, kuerz FNS, dee säit méi wéi 60 Joer Deel vum soziale Landschaftsbild zu Lëtzebuerg ass. Am Kontext vun enger Gesellschaft, déi sech dynamesch entwéckelt, mat neie sozialpoliteschen Erausforderungen a verännerten Erwaardungen vu Biergerinnen a Bierger, gouf et noutwendeg, dës gesetzleche Kader un d'Realitéte vum haut unzepassen.

Den FNS huet zanter senger Grënnung eng zentral Roll am lëtzebuergesche Sozialsystem gespillt. Ursprénglech mat enger begrenzter Missioun geschaaft, huet den FNS am Laf vun de Joerzénge ëmmer méi Prestatiounen an Aufgaben iwwerhollt. Mat der Zäit huet dës Entwécklung zu enger vill méi komplexer Struktur gefouert, souwuel personell wéi och operationell. D'Zuel vun den Dossieren ass däitlech geklommen an d'Digitaliséierung stellt zousätzlech Ufuerderungen un d'Prozeduren an d'Kompetenzen. De Besoin u Spezialisatioun, besonnesch am juristeschen an informatéschen Beräich, ass méi evident wéi jee.

Dës Projet de loi kënnt zu engem Moment, wou et drëms geet, dem FNS eng strukturéiert, kloer a modern gesetzlech Basis ze ginn an esou seng Zukunftsfäegkeet ze verbesseren. D'Zil ass et, de Fonds mat enger méi effizienter Gestiou an gréisserer Rechtssécherheet ze stäerken.

Konkreet gesäit de Gesetzesprojet eng Moderniséierung vun der Decisiounsprozedur vir. Amplaz wéi bis elo all administrativ Decisioun vum Verwaltungsrot musse confirméiert ze kréien, kritt de President vum FNS d'Méiglechkeet, Decisiounen selwer ze treffen. Dës ginn als definitiv ugesinn, wann net bannent 40 Deeg eng Oppositioun vum Verwaltungsrot formuléiert gëtt. Dës Modell, bekannt aus der Sécurité sociale, verhënnert net nëmmen onnéideg Verloschter un Zäit, mee garantéiert och eng kloer a juristesche sécher Approche, déi de Besoin vum de Beneficiairé voll Rechnung dréit.

Gläichzäiteg gëtt d'Personalstruktur ugepasst. Besonnesch d'Funktio vum President gëtt am Gesetz prezis verankert. Fir de wuessende Missiounen gerecht ze ginn, gëtt eng Carrière supérieure agefouert. Doduerch gëtt net nëmmen d'Attraktivitéit vum FNS erhéicht, mee och d'Kontinuitéit an d'Verantwortung an der Gestiou verbessert. Am selwechte Geescht ginn och d'Examensprozeduren harmoniséiert an am Gesetz verankert, zum Beispill duerch d'Afféierung vu kloer definéierte Moyennen.

Zousätzlech ginn Inkohärenzen aus dem aktuelle Gesetz an d'Organisationsstruktur vum FNS verbessert. Ob d'Reglementer fir de Fonctionnement vum Verwaltungsrot, d'Roll vum zoustännege Minister, d'Transparenz an der Comptabilitéit oder d'Verwaltung vun de Kontrollorganer – d'Bestëmmunge ginn dem Modell vun den Institutiounen aus dem Beräich vun der Sécurité sociale ugepasst. De Fonds kritt

domat e gesetzleche Kader, dee seng wichteg sozial Missiounen op enger méi kohärenter a moderner rechtlecher Grondlag opbaut.

Am Kader vun de legislativen Aarbechte goufen och Avisen zu dësem Gesetzesprojet analyséiert:

De Conseil d'État huet a sengem éischten Avis eng Rei formell Oppositiounen formuléiert, ënner anerem zur Kontrollfunktio vum d'IGSS, zur Delegatiounskompetenz vum President a bei der Gestaltung vun der Comptabilitéit. No de parlamentareschen Amendementen huet de Conseil d'État all seng Oppositiounen opgehewen. Eng lescht Opposition formelle betreffend Divergenze bei der Presentatioun vun den Ofschlosskonte konnt mat enger zweeter Rei Amendementen behuewe ginn.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics begreift d'Afféierung vun engem öffentliche Statut fir d'Agenten. Si freet sech awer, ob de Statut vum President net nach méi kloer misst definéiert ginn an ob d'Form vum Établissement public weiderhi passend ass oder op eng Integratioun an déi klassesch staatlech Verwaltung ubruecht wier.

Här President, dës Projet de loi ass e wichtige Schrëtt, fir d'Zukunftsfäegkeet vum Fonds national de solidarité ze garantéieren. E stäerkt d'Legitimitéit an d'Effizienz vun enger Struktur, déi eng Schlësselroll an eiser Sozialpolitik spillt. En erméiglecht net nëmmen eng besser intern Organisatioun, mee verbessert och de Service fir Biergerinnen a Bierger, déi op d'Prestatiounen vum FNS ugewise sinn.

Fir weider Detailer zum Fong an och den Avice verweisen ech dann och op mäi schrëftleche Rapport. An heimadder ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzestext.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolaaschteren.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Minella villmools Merci fir hire schrëftlechen a fir hire mündleche Rapport.

Elo ass et un der éischter ageschriwwener Riednerin, der Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler.

Discussion générale

Mme Nathalie Morgenthaler (CSV) | Här President, léif alleguer, mir stëmmen haut e Gesetzesentwurf, deen e wichtige Schratt an der Entwécklung vum FNS, dem Fonds national de solidarité, duerstellt. Dës Reform ass Deel vun enger Moderniséierungsstrategie, déi dësen öffentliche Service méi reaktiv, méi effizient a besser ugepasst un déi aktuell Erausforderung maache soll.

Mir wëssen all, dass den FNS, deen 1960 gegrënnt gouf, eng wichteg Roll an eiser Sozialpolitik spillt. Dës Gesetzesentwurf soll dem FNS déi néideg Mëttel ginn, fir seng Missiounen kënnen ze erfüllen, während säi sozialen a solidaresche Charakter erhalen bleift. Soumat gëtt e weiderhin de Bedierfnisse vun eise Matbierger a -biergerinne gerecht.

Déi éischt grouss Ännerung ass d'Moderniséierung vum Entscheidungsprozess. Den Entwurf proposéiert, dass de President vum FNS all Decisiounen bezüglech d'Prestatiounen dierf huelen, ënnert der Bedéngung, dass de Verwaltungsrot dës Decisiounen bannent 40 Deeg ka rückwierkend annulléieren. Dës vereinfacht a beschleunegt de Prozess, ouni d'Kontroll ze verléieren. D'Rechter viru Geriicht bleiwen natierlech garantéiert.

Déi zweet grouss Reform betrëfft d'Personalpolitik. D'Reglementer fir d'Beschäftegung beim FNS ginn

un déi modern Norme vum öffentlichen Déngscht ugepasst. Nei Lounkategorien, en héije Kader a kloer Reegelen zu Pensioun a Rekrutement ginn agefouert. Eng nei Kategorie A1 fir héich qualifizéiert Leit gëtt agefouert, fir d'Kompetenz am Haus ze stäerken. D'Kommissioun hat och d'Suergen iwwert d'RH-Reegelen analyséiert an d'Gesetz entspriechend ugepasst, mat Korrektur bei terminologesche Feeler a bei der Zougänglechkeet vun eenzelne Kategorien.

De Staatsrot hat a sengem Avis vum 12. November 2024 e puer Inkohärenzen am Text ugeschwat, zum Beispill d'Presentatioun vun de järeleche Konten. D'Artikele 16 an 18 waren net openeen ofgestëmmt. Dës Passagé goufen elo kloer ugepasst, sou wéi den Avis et recommandéiert huet.

De Projet passt och d'Roll vum President vum Verwaltungsrat un, andeems e kloermécht, dass dës Persoun net onbedéngt en Employé vum FNS muss sinn, sou wéi et bis elo och ëmmer de Fall war.

Schlussendlech gouf och nach de Kalenner vun der Émsetzung ugepasst. D'Bestëmmunge vum Artikel 12, déi fir Juni geplangt waren, ginn op Oktober veréckelt. Dat soll dann eng harmonesch a realistesch Transitioun erméiglechen.

Dës Gesetzesentwurf moderniséiert also den FNS a verbessert seng Reaktionsfäegkeet a säi Fonctionnement duerch eng Reform vum Entscheidungsprozess an eng Upassung vum Personalregimm. Dës Reform vum FNS stäerkt seng Effizienz.

Am Sënn vun enger gerechter an nohalteger Sozialpolitik am Déngscht vun eise Matbierger a -biergerinne ginn ech heimat d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun. Ech soen Iech Merci.

M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Morgenthaler. Elo ass d'Wuert fir d'Madamm Claire Delcourt. Madamm Delcourt.

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Merci, Här President. Jo, och mir als LSAP ënnerstëtzen natierlech d'Moderniséierung vun der legaler Basis vum FNS. Vill eeler Leit, awer och Persounen mat Handicap, Mënschen, déi keng Aarbecht fannen, liewe vun dëse Suen, déi si a Form vum REVIS kréien oder vum RPHG, vum Accueil gérontologique vum Fong. Mir sti fir e staarke Sozialstaat a Solidaritéit als Fundament vun enger gerechter Gesellschaft, an dofir ënnerstëtze mir natierlech all d'Mesürene, déi zu engem gudden Fonctionnement vun de wichtegen Ofleef vun dësem Fong bäidroen kënnen.

E Punkt, deen, wéi ech awer och fannen, wichteg ass ze maachen, ass, dass mer net an deem Zesammenhang vergiessen, dass eis sozial Verantwortung mam Ausbezuale vu Sozialleeschtungen net ophale kann. Idealerweise sollt eise Staat natierlech dozou bäidroen, dass all Mënsch e wierdegt Liewe ka féieren, dat awer och ouni staatlech Hëllef. Dat heescht, mir waarden eigentlech an dësem Kontext nach ëmmer op den nationalen Aktiounsplang fir d'Aarmutsbekämpfung, awer och op den neien Aktiounsplang fir Persounen mat Handicap.

Wa mir de virleende Projet also hei matstëmmen, da maache mir dat net, ouni drun ze erënneren, dass mer dann dat hei als éischte kleng Schrëtt gesinn an dass awer nach ganz vill Erausforderungen op eis duerkommen, wou mer mussen dru schaffen, fir awer eng generatiounsiwwergräifend wéi och eng gerecht an inklusiv Gesellschaft ze hunn an och dozou kënnen bäizeroen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Delcourt. Den nächste Riedner ass den Här Dan Hardy. Här Hardy, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Hardy (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, eppes virewech: Mir begrüessen d'Reform vun dësem Gesetzesprojet, deen dat aktuell Gesetz, dat op 1960 zeréckgeet, ersetze soll. Jo, et war néideg, en neie Gesetzestext op d'Been ze bréngen an deen ze moderniséieren. Tatsächlech war dat aalt Gesetz mat sengen deels ëmständlechen administrativen Demarchen net méi aktuell. A mir froen eis, firwat et iwwerhaapt esou laang gedauert huet, dës Reform unzepaken.

Mir hoffen, datt et duerch d'Ännerunge vum legale Kader zu engem méi effikasse Fonctionnement vum Fonds national de solidarité kënnt. An éischter Linn fanne mir et gutt, datt fir déi Betraffen och d'Delaie reduzéiert solle ginn an och datt d'Struktur vun der Verwaltung méi kloer gereegelt ass wéi bis elo.

Déi Initiativ reit sech och an d'Efforte vun der Regierung an am Kader vun hirem Plang, fir d'Aarmut am Land ze bekämpfen. Awer ech mengen, datt weider Efforten och zemoos um administrative Plang noutwendeg sinn, fir datt et zu enger reeller Verbesserung um Terrain kënnt, an deem hei Fall, fir datt bedürfteg Leit et méi einfach hunn, fir Demanden un den FNS ze stellen.

D'Veineinfachung vun den administrative Prozedure soll awer och net just doduerjer zustane kommen, datt d'Prozedure verstärkt digitaliséiert ginn, mir mussen allgemeng méi accessibel a méi séier ginn. Mir als ADR hu scho viru Joerzéngten eng Vereinfachung vun administrative Prozedure gefuerdert, gradewéi eng verbessert Verwaltungsstruktur, déi sech u kloer Richtlinnen hält. Well mir der Meenung sinn, datt dat iwwerschaffte Gesetz an déi richteg Richtung geet, si mir bereet, dës Gesetzesprojet matzestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Hardy. Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Här President, bei dësem Projet de loi geet et ëm d'Moderniséierung vum Kader an der Gouvernance, an deem den FNS operéiert. De Fonds national de solidarité ass déi Verwaltung, déi fir de REVIS, den RPGH, d'Pension alimentaire, d'Allocation de vie chère an esou weider zoustänneg ass, also e Pilier am Lëtzebuurger Sozialsystem.

E Sozialsystem, deen natierlech evoluéiert huet, säitdeem dem FNS säi Gesetz geschriwwen gouf a wou et deemno novollzéibar ass, dass e Reformbedarf besteet. Mir ënnerstëtzen also d'generell Approche, dës Verwaltung ze moderniséieren an d'Gouvernancestrukturen ze klarifizéieren. An dowéinst – an dat schécken ech schonn emol virewech – wäerte mer dësen Text och matstëmmen.

Allerdéngs wëlle mer och drop hiweisen, dass et wichteg ass, hei innerhalb vum Staat eng gewësse Kohärenz ze behalen, mat wéi enger Philosophie a wéi engem Parallelismus de gesetzleche Kader vun Établissements publics formuléiert gëtt.

Dësen Text inspiréiert sech staark un aneren Instanzen aus der Sécurité sociale, wat eiser Meenung no novollzéibar ass. Allerdéngs gëtt da punktuell dem Virbild vun dësen Instanzen net Rechnung gedroen, notament bei der Fonctioun vum President, déi souwuel vum Staatsrot wéi och vun der Staatsbeamtekummer relevéiert gouf. D'Fro, ob d'Fonctioun vum President eng Fonction accessoire soll sinn

oder, wéi an anere Gremie vun der Sécurité sociale, haaptamtlech, gëtt vun der Regierung mat der Fonction accessoire beäntwert. Dat hätt een eiser Meenung no duerchaus anescht kënne ugoen.

Ofschléissend wëll ech vun dëser Ried profitéieren, fir ze ënnersträichen, dass grad op dës Institutioun an Zukunft ganz grouss Defie wäerten zoukommen, Defien, déi maassgeeblech zur Aarmutsbekämpfung bäidroen mussen. Ech denken dobäi un de Once-Only-Prinzip, un d'Kommunikatioun tëscht Verwaltungen an Organisatiounen ronderëm Informatiounen a Prestatiounen, déi d'Leit zegutt hunn.

Hei muss net nëmmen op informateschem Plang, bei de Ressources humaines a bei de Prozesser ugesat ginn, och muss sech dës grundsätzlech Reform vun der Approche alignéieren an eng méi breet Strategie, fir d'Aarmut zu Lëtzebuerg ze bekämpfen. Vun dëser Strategie héiert een allerdéngs leider séier wéineg. An dobäi misst dat eiser Meenung no déi wierklech Prioritéit Nummer 1 vum Här Minister sinn.

Dëse Ressort ass mëttlerweil säit zwielef Joer an DP-Hand. D'Zäit fir ze liwwere war eigentlech gëschter. A mir freeën eis op déi laang erwaarten Aarmutsbekämpfungsstrategie. Ech hoffen, datt se da ganz geschwënn hei wäert diskutéiert ginn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. D'Wuert huet elo den Här Marc Goergen. Här Goergen, et ass un Iech.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Et ass virun allem wichteg, dass an dësem Dossier d'Entscheidung méi schnell kënne gefällt ginn. Et muss een awer op der anerer Säit och oppassen, dass, wann Entscheidungen, Sanktiounen geholl ginn, déi och net liichtfäerteg geholl ginn.

An dat kann ech soen aus Erfahrung vum Office social, dass mer do awer verschidden Dossierer hunn, wou mer heiansdo de Kapp rëselen, wa mer gesinn, firwat Leit dann de REVIS op eemol net méi kruten oder aner Hëllef net méi kruten, an dann awer wierklech am kale Ree stinn.

Well dat sinn allkéiers Schicksalsschléi, wann een op eemol op Näischt zeréckfällt. Et ass glécklecherweis – awer net an all Gemeng – dann den Office social – deen den Dossier dann och nach ënnerschiddlech interpretéiert –, deen aspréngt, fir deene Leit ze hëllefen. Well do si Leit, déi fale komplett op null. An dann hutt Der Är Kanner doheem sëtzen, Dir hutt d'Haus ze bezuelen, Dir braucht eppes ze iessen. An dat ass net ëmmer ganz, soe mer emol, korrekt ofgelaf. Herno kruten déi Leit dann och Recht an da krute se et nobezuelen. Mee an där Iwwerbréckungsphas, déi een hat, bis de Komitee fréier déi Entscheidung getraff hat, stoung een ouni eppes do.

Dofir kéint dëst Gesetz hëllefen, wann de President déi Entscheidung herno hëlt a wann dat herno gekuckt gëtt, dass et vläicht méi schnell geet an dass een deene Leit kéint méi schnell erëm hëllefen. Well et gëtt sécherlech Leit, déi Abus maachen. Och där Dossierer hu mer am Office social gesinn. Mee et gëtt awer och där Leit, wou iergendeng Informatioun vläicht gefeelt huet, oder Leit, déi emol net konnten d'Dokumente richteg ausfüllen oder falsch Casé gesat hunn, wat och ëmmer. Dat gesäit ee méi oft. An déi Leit sinn dann op null gefall an dann huet et ze laang gedauert, bis de REVIS erëm komm ass. An déi Leit, déi houngen dann op den Entscheidung vum Office social.

A wéi virdru gesot, dat ass an all Gemeng ënnerschiddlech, wéi kulant een do heiansdo ass. Well ech hu leider och vun anere Gemengen héieren, dass, soubal sou eng Entscheidung vum REVIS do ass,

ob richteg oder falsch, den Office social den Dossier quasi och zoomécht a seet, dass een, wann ee beim REVIS eng komme gelooss huet – obwuel dat nach net bewisen ass, ee jo enger anerer Meenung ass –, dann direkt beim Office social och duerchfällt. Och dat ass eppes, wat een eng Kéier muss diskutéieren.

Op der anerer Säit ass et awer och esou, dass, wann Hëllef ausbezuelen ginn, déi net dierfen duebel ausbezuelen ginn. Dat ass nämlech och e Fall. Wann Der zum Beispill de REVIS net méi kritt an déi Entscheidung aussteet, zwee, dräi Méint, wéi dat elo deelweis de Fall war, an et kritt ee vum Office social déi Zäit iwwerbréckt, an herno kritt een de REVIS awer voll kompenséiert, ass et net, dass een da quasi während där Zäit duebel ofkasséiert huet.

Dat ass e bëssen, fir et ze erklären, wéi bei der Energieprimm, déi ech komplett ënnerstëtzen. D'Energieprimm ass och esou e Phänomeen. D'Energieprimm gëtt am Ufank vum Joer ausbezuelen. Do gëtt et awer da verschidde Clienten an engem Office social, déi kommen Enn des Joers, fir dann awer déi integral Stromrechnung bezuelen ze kréien. Dat heescht, si hunn Ufank des Joers eppes kritt, fir d'Stromrechnung a sech ze bezuelen – ech weess, dass dat net duergeet fir dee ganzen Deel –, mee dat ass ni bei der Energie ukomm. Och dat ass eppes, wou een eng Kéier muss driwwer diskutéieren, wann een esou Entscheidungen hëlt, ob een dat net an Zukunft ka verbessern, och fir déi Leit ze schützen, well och do heiansdo Situatiounen sinn, wou vläicht dat Geld fir eppes anescht ofgezu ginn ass, eng Saisie oder soss iergendeppes, wann dat dann herno net bis bei d'Rechnung komm ass.

A beim REVIS hoffen ech, dass duerch dat neit Gesetz déi Entscheidung vill méi schnell kënne getraff ginn – ech weess, deen aarme President wäert herno immens vill Aarbecht hunn, mee do steet e ganze Staff herno hannendrun –, soudass déi Leit wéinstens an där Zäit net op null falen an dass déi Leit kënne gehollef kréien, a sécherlech och déi Leit, déi frësch an de REVIS kommen. Déi Entscheidung wäert vill méi schnell getraff ginn. Duerfir wäerte mir Piraten och dat heite matstëmmen.

Merci

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Elo ass d'Wuert fir den Här Marc Baum. Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Vill vun de Virriedner hunn et scho gesot: Et handelt et sech hei ëm eng Moderniséierung vum FNS, deen effektiv e Pilier vum lëtzebuergesche Sozialsystem ass.

Dat bedeit dann awer och eng Moderniséierung an eng Méi-effizient-Maachung vun all deenen Attributiounen, déi den FNS huet. An dorënner falen der ganz wichteger, déi an eisen Aen och net nëmme wichteg sinn, mee awer och gutt funktionéieren an eng grouss Effikassitéit hunn: Et ass d'Allocation de vie chère, et ass den Accueil gérontologique an awer och Avancen op d'Pension-alimentairen.

Et bedeit awer och, datt et méi effikass gemaach gëtt an engem Beräich, wou mer awer méi Problemer hunn: notament d'Applikatioun vum REVIS-Gesetz, an notament den Artikel 30 vum REVIS-Gesetz, deen d'Restitutioun vu Fonge virgesäit am Fall, wou e REVIS-Empfänger sech dann effektiv aus senger Situatioun erausstruwelt. Duerfir si mer net géint dëst Gesetz, well et effektiv a ganz ville wichtige Beräicher eng Verbesserung bedeit. Mir mengen awer, datt notament och d'Applikatioun vum Artikel 30 vum REVIS-Gesetz, an dat Méi-effikass-Maachen dovunner, fir eis problematesch ass.

Duerfir wäerte mir eis enthalten.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Da si mer um Enn vun eiser Riednerlëscht ukomm.

Da kritt d'Regierung nach zum Schluss d'Wuert. Här Familljeminister oder, an dësem Fall, Här Solidaritéitsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Merci, Här Président. Virop, mengen ech, bal alle Virriedner villmools Merci fir déi breet Zoustëmmung.

De Fonds national de solidarité, jo, dat ass deen Établissement public hei zu Lëtzebuerg, deen derfir suergt, dass déi Leit, deenen et net gutt geet, déi a Prekaritéit liewen, gehollef kréien. E spaant also déi wichtegst sozial Fangnetzer – net déi eenzeg, awer déi wichtegst.

An de Fonds national de solidarité ass en Établissement public, deen iwwert d'Joren ëmmer erëm nei Missioune krut, nei Attributioune krut, wou zum Beispill och an deene leschten zéng Joer, Madamm Bernard, och d'REVIS-Gesetz ugepasst ginn ass, wou a Krisemomenter vun de viiregte Regierungen och ganz nei Mesürene a Kraaft getruede sinn, wéi zum Beispill d'Energieprimm, déi nei agefouert ginn ass.

Dat heescht, et ass en Organ, dat sech ëmmer erëm nei geduecht huet a wou och – an dat sollt een awer op dëser Plaz soen – viiregt Regierunge probéiert hunn, ëmmer erëm ze kucken, wou Hëllef am néidegsten ass, an dann och do ugesat hunn. Dofir brauch een do keng falsch Bescheidenheet ze hunn, mee do kann ee roueg houfreg sinn op dat, wat probéiert ginn ass ze errechen.

Ech sinn an der Situatioun – respektiv déi heite Regierung ass an der Situatioun –, dass et eis drëms geet, an der Kontinuitéit derfir ze suergen, dass mer ëmmer erëm déi besteeënd sozial Prestatiounen op de Leescht huelen, dat heescht, ëmmer erëm kucken, d'Montanten unzepassen, d'Krittären unzepassen an – eppes, wat dann awer, mengen ech, enorm wichteg ass, dat soen eis allegueren d'Etüden – virun allem och den Non-recours vläicht nach méi op de Leescht ze huelen, wéi dat bis elo gemaach ginn ass.

Nieft, wéi gesot, deem, wat ech gesot hunn – och ëmmer erëm ze kucken, sech nei ze erfannen, nei Leeschtungen anzeféieren, d'Montanten der Präisdeierecht, der Lounentwécklung unzepassen –, ass et virun allem – an dat gesinn ech als eng vun deene ganz wichtegen Aufgabe vum Fonds national de solidarité –, fir och derfir ze suergen, dass déi sozial Fangnetzer, déi da gestréckt ginn, dann genotzt ginn. Well déi beschte Sozialleeschtungen dëngen näischt, wa se net bei de Leit ukommen.

Do si mer bei der Automatiséierung, do si mer bei der Digitaliséierung, jee, e ganze Prozess, deen och dat néidegt Personal brauch. An dat kréie mer hei mat der Moderniséierung vum Fonds national de solidarité, wat fir mech e bëssen d'Fundament ass, op deem ee kann opbauen. Do brauch een déi richteg Leit op deene richteg Plazen, fir d'Digitaliséierung virunzebréngen, fir d'Kommunikatioun weiderzebréngen. Awer och am juristesche Volet gi qualifizéiert Leit gebraucht respektiv Leit, déi am Haus sinn, déi am Moment keng Perspektiven haten, fir zum Beispill e Changement de carrière ze maachen a vläicht dofir sech och emol anescht decidéiert hunn, an aner Verwaltungen, an aner Établissements publics ze goen, fir och gutt Leit am FNS ze halen.

Ech kann Iech soen: D'Motivatioun ass ganz grouss derfir, dee ganze Prozess weiderzeféieren. Ech mengen, mir hättet rezent bewisen, mat souwuel der Allocation de vie chère wéi och mat der Energieprimm,

dass mer net nëmmen déi Montante substanzuell erhéicht hunn – ech denken nëmmen un d'Energieprimm, déi ab dësem Joer verdräifacht ginn ass –, mee mir hunn och derfir gesuergt ze automatiséieren. Well mir hunn derfir gesuergt, dass den 1. Januar vun dësem Joer 10.000 Leit (veuillez lire: Stéit) – bal 11.000 Leit (veuillez lire: Stéit) souguer – automatesch d'Allocation de vie chère an d'Energieprimm ausbezuelen kruten.

Une voix | Très bien!

M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Mir hunn derfir gesuergt, dass 20.000 Stéit – och virdu waren et net Leit, mee Stéit – e virusgeféllte Formulaire zougeschéckt kruten, wou se da konnten hir Demande maachen, well se schonn d'lescht Joer d'Demande gemaach haten. Eleng déi Zuel insgesamt – also déi 20.000 Stéit plus déi 11.000 Stéit, da komme mer also op 31.000 Stéit –, dat sinn der eleng an deenen éischten dräi Méint vun dësem Joer esou vill wéi d'ganz Joer 2024 zesummen!

Mir probéieren, wéi gesot, do déi néideg Hëllefstellung ze maachen. An dat, wat mer mat der Allocation de vie chère hei ugefaangen hunn, wëlle mer och op aner Prestatiounen vum Fonds national de solidarité ausbauen. An dat wäert och Bestanddeel gi vum nationalen Aktiounsplang fir d'Aarmutsbekämpfung.

Dat ass eppes, dat ass et bis elo nach net ginn: en Aktiounsplang zur Aarmutsbekämpfung. Mee eleng un dësem Beispill hutt der gemierkt, dass, wann ech oder d'Regierungskollegen ... Virdrun ass de steierfräie Mindestloun ugeschwat ginn. Et ass geschwat gi vun de Mesürene, déi geholl gi sinn an der Baukris. Jee, wa gutt Aktiounen bekannt waren, huet déi heite Regierung net gewaart, fir déi op de Koup ze leeën an dann ze waarden, fir dass dann, wann den Aktiounsplang presentéiert gëtt, deen da méi voluminéis ass, mee mir hu probéiert, dat dann direkt a Musek ëmzesetzen, well et hei ëm déi vulnerabelst Leit an eiser Gesellschaft geet. An déi brauchen eis Hëllef sou séier wéi méiglech.

Dëst gesot, wéilt ech awer op kee Fall ophalen, ouni dem Mandy Minella, der Rapportrice, e grouss Merci ze soen ...

Plusieurs voix | A!

M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | ... fir souwuel hire schrëftleche wéi och hire mëndleche ganz, ganz ausféierleche Rapport.

Ech géif vläicht nach dem Här Goergen äntweren – dat hunn ech mer opgeschriwwen –, well Dir gesot hat, d'Leit kréichen dann ëmmer d'Aiden um Ufank vum Joer beieneen an dann herno, wa se vläicht Rechnunge kréichen, misste se d'Rechnunge bezuelen. Dat ass eigentlech net ganz richtig, well se kréien eigentlech d'Aiden – ausser iwwert deen automatiséierte Wee, deen ech grad beschriwwen hunn –, nodeems se d'Demande gestallt hunn.

Dat konnt ee bis elo bis den 1. Oktober stellen. An och dat ass ugepasst ginn: Déi kann een elo souguer bis den 31. Dezember stellen, well och do sinn alt emol an der Vergaangenheet Leit dann duerch de Raster gefall, well se hir Demanden da méi spéit gemaach hunn. Och deen Delai hu mer elo da bis den 31. Dezember weidergefuert.

Iwwergens, och well ech weess, dass vill Gemengepolitiker hei am Raum sinn: Mir hunn och Enn 2024 all de Schäfferéit eng Lëscht zoukomme gelooss mat hire Residenten, déi d'Allocation de vie chère respektiv d'Energieprimm bezéien, mat de Montanten, mat de Kontosnummere – mat der Zoustëmmung

natierlech vun de Beneficiairen –, fir dass d'Gemengen dann – an där Gemenge gëtt et ganz vill, déi och zousätzlech eng Allocation de vie chère respektiv och eng Energieprimm ubidden; déi eng nennen et esou, déi aner nennen et „Allocation de solidarité“ an, an, an; jee, do ënnerscheede sech d'Gemengen – och d'Méiglechkeet hunn, dann och do nach eng Kéier deene Vulnerabelsten automatiséiert oder op d'mannst ganz einfach kënnen ënnert d'Äerm ze gräifen.

Dëst gesot, soen ech Iech villmools Merci fir déi ganz breet Zoustëmmung.

An den Här Goergen hätt nach eng Fro.

M. Claude Wiseler, Président | Dir huet eng Fro un. Wann Der scho selwer d'Wuert weidergitt, da brauch ech Iech net ze froen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här Minister. Ech sinn och ganz bei Iech bei all den Explikatiounen, déi Der ginn hutt. An ech sinn och gespaant op all déi Mesürene, déi Der wäert huelen. Dir hutt elo geäntwert op de Problem vun der Energieprimm, dass dat zäitversat ass par rapport zu de Factur vum Stroum. Ob een et elo réckwierkend oder am Virus gesäit, dat ass hinnen zimmlech egal.

Wär et dann net do sënnvoll, anstatt dass een dat géif cash op de Konto iwwerweisen, well mer awer an engem Milieu sinn, wou se meeschtens iergendwéi net um Konto drop bleiwen, dass een einfach géif higoen an et seet een, wann ee schonn d'Energie wëll domat subventionéieren, dass een et vläicht als Coupon gëtt oder iergendeng aner Method hält, fir dass et och sécher herno bei der Energierechnung ukënn a fir dass déi Energie net awer Enn des Joers ofgeschloss gëtt?

Merci.

M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Här Präsident, ech hu just gesot: „Den Här Goergen huet d'Wuert gefrot.“ Ech hätt mer ni erlaabt, ...

M. Claude Wiseler, Président | Et ass gutt.

M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | ... Iech virzepräifen, Här Präsident, an als Member vun der Regierung Ärem Rôle hei – deem wou éischte Bierger am Land, dat sidd Dir – virzepräifen.

M. Claude Wiseler, Président | Très bien!

M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Fir op dem Här Goergen seng Remark zrëckzekommen: Wéi d'Energieprimm agefuert ginn ass, sinn och déi doten Iwwerleeunge gefuert ginn. An et ass awer och deemools vu ganz ville Leit, och aus dem Secteur, gemengt ginn, dass grad déi vulnerabelst Leit am beschten och kënnen jugéieren, wou se vläicht am dréngendste grad zu deem jeeeweiligen Zäitpunkt d'Gelder brauchen, fir, wéi gesot, aus hirer Prekaritéit erauszekomme respektiv fir en dignet Liewen ze féieren, soudass net gekuckt ginn ass: „Elo kréie mer Rechnunge geschéckt an da ginn déi Rechnunge bezuelt“, mee et ass éischter gesot ginn: „Et gëtt e Budget.“

Et gëtt awer Iwwerleeungen, déi vläicht dozou kéinte féieren, dass ee sech freet: Gëtt dat eng Kéier ausbezuelen oder kéint een dat vläicht an Tranchen ausbezuelen? Dat sinn och Iwwerleeungen, déi gefuert ginn, wou awer nach näischt sprochräif ass. Mee, wéi gesot, et ass e bëssen an deem Kontext an aus där Ursach eraus, déi Dir grad hei beschriwwen hutt, wou och esou Iwwerleeungen alt gefuert ginn. Gutt.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà. Merci, Här Minister. Domat wär dann dës Diskussioun ofgeschloss.

Mir géingen zum Vott kommen. Ech erënnere Iech drun, datt Der Iech musst aloggen, éier mer ofstëmmen. Da géinge mer zur Ofstëmmung vun dësem Projet de loi kommen, dem Projet de loi 8382. Den Text steet am Document parlementaire 8382⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8382 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentiuonen. De Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentiuonen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer (par M. Jean-Paul Schaaf), Jeff Boonen (par M. Charles Weiler), Alex Donnersbach (par M. Paul Galles), Emile Eicher (par Mme Nathalie Morgenthaler), Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Marc Lies, Ricardo Marques (par Mme Octavie Modert), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Gusti Graas), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel (par M. Fernand Etgen) ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claire Delcourt), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig (par Mme Alexandra Schoos) ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

9. Heure d'actualité du groupe politique ADR au sujet de la situation dans le secteur de l'Horeca

Da komme mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, an zwar enger Aktualitéitsstonn iwwert den Zoustand an déi allgemeng Problemer am Horeca-Secteur, déi d'ADR ugefrot huet. D'Riedezäit ass nom Artikel 84 (2) festgeluecht. Den Auteur vun der Aktualitéitsstonn huet 10 Minuten, jiddwer Fraktioun a Sensibilitéit 5, d'Regierung 15. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, den Här André Bauler, d'Madamm Paulette Lenert, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo den honorebelen Här Dan Hardy als Vertrieeder vun der ADR-Fraktioun. Här Hardy.

Exposé

M. Dan Hardy (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, perséinlech war et mir wichteg, dës Debatt unzefroen, well mir, d'ADR, scho méi laang

besuergt sinn ëm de Secteur vun de Caféen, Restauranten an Hoteller.

Op alle Fall ass et esou, datt och rezent Chiffere weisen, datt d'Situatioun vun eisen Horeca-Betriber guer keng einfach ass, ugefaange bei deene bal 40 Failliten, déi de Statec am éischten Trimester vun dësem Joer registréiert huet, e Plus vu ganzer 30 % am Verglach mam nämmelechen Zäitraum vun 2024. En Hauptconstat ass, datt d'Café- a Bistrotierwe virugeet. Aktuell gëtt et zu Lëtzebuerg am Ganzen nach just eng knapp 740 Caféen. Virun e puer Joer sinn et nach ronn 1.000 Bistroe ginn.

Uechtert d'Land a virun allem an de ländleche Regiounen muss eiser Meenung no dréngend eppes géint d'Caféssierwen ënnerholl ginn. A villen Uertschaften gëtt et kee Bistro méi. Souguer zu Suessem am Minett, wou ëmmerhin eng 2.800 Leit wunnen, gëtt et zënter Jore keen eenzege Café méi, an dat trotz ëffentlechen Aarichtungen wéi Centre culturel a Sportshal, ...

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

... esoudass d'Gemeng en eegene Bistrotierwe lancéiert hat, deen am Laf vun dësem Mount endlech funktionéiere soll.

An enger Zäit, wou ëmmer méi Leit laanschtene liewen am Land, ass et wichteg, datt et an enger Uertschaft op d'mannst ee Café gëtt. Dat stäerkt och déi sozial Kohäsioun respektiv de sozialen Zesummenhalt. E weidert Argument ass, datt d'Awunner net wäit ze fuere brauchen, fir e Patt drénken ze goen, an dat och indirekt zu der Sécherheet op eise Stroosse bäidréit. Da gëtt och net just dat lokaalt Matenee gestärkt, mee d'Erhalen an d'Schafe vu Bistroe kënn mat Sécherheet och dem Tourismus zegutt.

Et ass ze begrëssen, datt sech ëmmer méi Gemengen am Land deem Problem bewosst sinn a Proprietär vun engem Bistro oder Café-Restaurant gi sinn, fir dee fir e faire Präis un e Bedreier ze verlounen. Beispiller gëtt et der vill, an dat ass gutt fir d'Duerfliewen an d'Geselligkeet. Ma och dat ass net den Idealfall. Mir wëllen, dass d'Horeca-Betriber staark genuch sinn, fir finanziell op eegene Bee kënnen ze stoen, hu wa se mussen en normale Loyer bezuelen, wéi en um Marché üblich ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun 2020 u war den Horeca-Secteur an der ganzer Covidzäit ouni Zweifel mat am meeschte geplot. D'Betriber hate massiv ënnert de Restriktiounen ze leiden. D'Recettë si vun engem op deen aneren Dag ewechgebrach an d'Loyeren hunn an deenen allermeeschte Fäll trotzdem misse weiderbezuelen ginn.

Vill Patronen hu missen entwedeer de Schlëssel ënnert den Teppich leeën, well eeben d'Recetten ewechgebrach sinn, oder se hu sech massiv verschëlde missen, fir d'Diere vum Betrib net missen zouzemaachen.

Vill Salariéen aus der Branche hunn hir Schaff entwedeer verluer oder hunn hir Aarbecht fräiwëlleg opginn, fir an en anere Secteur ze wiesselen, dat, well d'Öngewëssheet, wéi et an hirem Job géif weidergoen, ze grouss war.

Ech erënnere dorunner, datt vu Mäerz bis November 2020 keng finanziell Hëllef vun der Regierung un d'Horeca-Betriber gefloss sinn. Den Drock war immens grouss an déi staatlech Finanzsprëtze koume fir vill Patrone leider ze spéit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no der Covidzäit huet sech erausgestallt, datt déi vun der Regierung octroyéiert Restriktiounen entwedeer keen oder nëmme weénege Sënn gemaach hunn. Och

dofir muss d'Covidgestioun vun der Regierung dréngend opgeschafft ginn. An ech soen Iech, datt mir als ADR op alle Fall weider un dëser wichteger Fuerderung festhalen. Am léifste wär eis dobäi den Asaz vun enger onofhängeger Enquêtékommisioun mat Experte gewiescht. Eis Fraktioun stoung awer schonn am Mäerz 2023 aleng do, wéi de Jeff Engelen eng deementsprechend Resolutioun hei an d'Chamber bruecht huet. D'Regierung, déi jo elo en Inventaire vun deenen eenzelne Mesure während der Covidzäit mécht, muss dës Fuerderung mat berücksichtegen.

Da wëll ech och dorobber hiweisen, datt d'Horeca-Branche nach ëmmer e wichtege Pilier vun eise Dénegschtleeschungssektor ass, dee ronn 5 % vun eise PIB, vun eise Bruttoinlandsprodukt also, ausmécht, dat, wann een de ganze Sektor plus Zouliwwer mat aberechent. Den Horeca ass och weider e wichtege Employeur mat aktuell am Ganze ronn 19.000 Leit, déi do schaffen. Deemo kann een am Resümee soen, datt den Horeca-Sektor souwuel wirtschaftlech wéi och um Niveau vum Aarbechtsmaart eng net onwichtig Roll spillt.

Ech froe mech wierklech, ob sech d'Gambia-Regierung virun engem Joerzéngt der ekonomescher Bedeitung vum Sektor bewosst war, dat, wéi se decidéiert hat, d'TVA op alkoholeschem Gedrénks an engem Coup vun nëmmen 3 op ganzer 17 % unzehiewen, an dat trotz der Warnung vum deemolegen Horesca-Generalsekretär. Och d'ADR war deemools géint déi Moossnam, well mir woussten, datt dës derzou bäidroen géif, datt sech d'Café- a Restaurantsierwen am Land nach verschlémmere géif. An esou ass et du leider och komm!

Bis haut weess keen, wéi vill déi krass TVA-Hausse dem Staat iwwerhaupt bruecht huet, wann een op där anerer Säit net weess, wéi vill Recettë bei der Émsazsteuer an och bei der Akommessteuer vum Personal verluer gaange sinn.

D'Resultat ass hautdesdaags, datt just mat enger Offer vu Gedrénks quasi kee Café méi finanziell iwwert d'Ronne kënn. Giess a gedronk gëtt ëmmer, heescht et. Ma an dësen net einfachen Zäiten, wou vill Bierger vill méi genee op de Portmonni mussen kucken, hu sech d'Gewinne vum d'Leit géinnert a se gi manner oft eraus iessen oder e Patt drénken.

Zousätzlech ze schafe maachen den Acteuren aus dem Horeca dann och déi ëmmer méi héich Energie-, Liewensmëttel- an och Lounkäschten, déi vill Patronen zwängen, hir Präisser no uewen unzepassen.

Ech ginn Iech e Beispill, wat de Béier ugeet. Viru 25 Joer huet de Mini hei zu Lëtzebuerg nëmmen hallef esou vill kascht wéi a Frankräich. Haut ass et entwedeer dee selwechte Präis oder nach méi deier. An do kann ee sech scho froen, wat hei schifleeft. Jonk Leit kafen Alkohol dacks just nach am Supermarché an drénken en dann dobaussen op der Place publique. Op alle Fall dréit d'Deierecht vum Gedrénks mat derzou bäi, datt manner Clientë kommen.

Da kënn nach derbäi, datt et an der Gastronomie gradewéi an der Hotellerie ëmmer méi schwéier gëtt, gutt Personal ze fannen. Minimal Paien, Aarbechtszäitcoupen am Dag an um Weekend schaffen – fir vill Leit ass dat berufflech net attraktiv genuch.

Da muss een och zemoos an eiser Haaptstad feststellen, datt d'Personal am Service vun ëmmer méi wäit hierkënn an datt een ëmmer méi dacks just op Englesch ugeschwat gëtt, dat, well déijéineg net just kee Lëtzebuergesch, ma leider och déi däitsch oder franséisch Sprooch net beherrschen.

Eis ass kloer bewosst, datt een aktuell souwisou net vun de Patronen verlaange kann, datt si hirem